N°7790
Entrée le 17.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7790 vum 17. Mäerz 2023 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

Den honorabelen Deputéierte stellt sech eng Rei Froen am Zesummenhang mat de psychiatresche Rapporten déi am Kader vu Führerschäinsdossiere vun der Commission médicale gefrot kënne ginn.

Den Dokter vun der Commission médicale kann et fir néideg hale fir e psychiatresche Rapport vun enger Persoun ze froen, wann Informatioune virleien, datt eng Persoun net déi minimal medezinesch Krittären erfëllt fir kënnen e Gefier op der ëffentlecher Strooss ze fueren. D'Source vun dësen Informatioune kann verschiddener Natur sinn. Dat kënne Rapporte vun der Police, Informatiounen aus dem Certificat médical déi vum Hausdokter vun der betreffender Persoun ausgestallt goufen genee esou wéi Informatiounen déi aus Uerteeler ervir ginn, sinn.

D'Aufgabe vun dëser Commission médicale fënnt een an den Artikelen 77 an 90 vum groussherzoglechen Arrête vum 23 November 1955 iwwer de Stroosseverkéier (Code de la Route). Esou steet an dësen *« Afin d'examiner les personnes souffrant d'infirmités ou de troubles susceptibles d'entraver leurs aptitudes ou capacités de conduire un véhicule automoteur*(...) *il est institué une Commission médicale.* » ...« *La Commission se prononce sur les inaptitudes ou incapacités permanente sou temporaires d'ordre physique ou psycho-mental* (...) *en se basant sur le résultat de son examen médical ainsi que sur les rapports d'expertise fournis par les médecins-experts* (...). (Art. 90). « *Sur avis de la Commission médicale prévue à l'article 90, le titulaire d'un permis de conduire peut de même être obligé par le Ministre à se soumettre à un examen médical, s'il existe des doutes sur ses aptitudes ou capacités de conduire. ». « Troubles mentaux : Si l'intéressé est atteint de troubles psychiques dus à des maladies, traumatismes ou opérations du système nerveux central ou de retard mental évident, ou s'il souffre de troubles psychologiques graves, le permis de conduire n'est délivré ou renouvelé que sur avis motivé de la Commission médicale. Il en est de même pour les candidats présentant des troubles comportementaux graves dus à la sénescence ou des troubles majeurs de la capacité de jugement, du comportement ou de l'adaptation liés à la personnalité. »* (Art. 77).

Et sief an dësem Zesummenhang awer och nach dorops higewisen, datt Lëtzebuerg opgrond vun den Dispositioune vun der Annexe 3 (« *Normes minimales concernant l'aptitude physique et mentale à la conduite d'un véhicule à moteur* ») vun der europäescher Führerschäinsdirective (2006/126) dozou verflicht ass sécher ze stellen, datt all Persoun déi e Führerschäin ausgestallt kritt, déi medizinesch Krittären aus dëser Directive och erfëllt. D'Punkten 13.1 an 13.2 ginn heibäi speziell op mental Krankheeten an.

Lëtzebuerg, den 17. Abrëll 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch